

Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motion

Mir si mat enger Motioun befaasst, déi vum Här Robert Garcia abruecht ginn ass an déi vun alle Fraktiounen, déi hei vertratt sinn, ënnerstëtzt gëtt. Mir maachen e Vote par main levée.

Vote

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

8. Résolutions de MM. Gast Gibéryen et Marcel Glesener (Suite)

Ënnert dem Punkt 6 vun eisem Ordre du jour vun haut huet den Här Marcel Glesener eng Resolutioun abruecht am Kader vum Conseil de l'Europe, déi vun alle Fraktiounen ënnerstëtzt gëtt an déi déi Resolutioun ersetzt, déi vum Här Gibéryen iwwert deeselwechte Sujet abruecht gi war.

Mir maachen e Vote par main levée.

Vote

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4838, d'Konvention iwwer EUMETSAT. D'Wuert huet d'Rapportrice, d'Mme Agny Durdu.

9. Projet de loi 4838 portant approbation

– de la Convention portant création d'une Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques (EUMETSAT) du 24 mai 1983

– du Protocole d'amendement de la Convention établissant l'Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques (EUMETSAT), adopté lors de la 15^e réunion du Conseil d'EUMETSAT des 4 et 5 juin 1991 par la résolution EUM/C/Rés XXXVI

– du Protocole relatif aux privilèges et immunités de l'Organisation Européenne pour l'Exploitation des Satellites Météorologiques EUMETSAT, fait à Darmstadt, le 1^{er} décembre 1986

– de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques (EUMETSAT), relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création d'une Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques et aux conditions et modalités de cette adhésion, fait à Luxembourg, le 4 juillet 2001

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess, dass den Nomëtteg laang wor, mä ech wär frou, wann Dir géingt probéieren, mir just zwou klenger Minutten noze-lauschteren.

Bei dësem Projet de loi geet et drëms, dass mer Member gi vun enger internationaler Konventioun, déi virgesäit, eng Organisation européenne pour l'exploitation de satellites météorologiques ze schaffen.

Dës Konventioun existéiert zënter dem 24. Mee 1983. D'Objektiver vun dëser Organisatioun sinn d'Mise en place, de Maintien an d'Exploitation vum System vun europäesche Meteosatelliten.

Bis op den Dag vun haut si 17 Länner Mitglied: d'Schwäiz, Norwegen, d'Türkei an déi ganz Europäesch Unioun ausser eisem klengen Ländchen.

Wéi Dir lech erënnere kënnt, hate mer virun e puer Méint e Projet de loi gestëmmt, wou mer Member gi si vum Centre européen fir Meteoprevisionen. Dëst Gesetz an dat Gesetz vun deemools sinn am Fong geholl e Ganz, well wa mer gäre bei der Auswärtung vun de Meteoprevisionen derbäi wäeren, da musse mer logescherweis och eisen Accord zu där heiten Organisatioun ginn, déi de Support vun de Meteodonnées virgesäit.

Eng Particularitéit vun dësem Projet ass des Längere vum Statsrot analyséiert ginn. Den Artikel 17 geet iwwert d'Possibilitäten an d'Konditiounen vun Amendementen vun de Mitgliedstaaten. D'Particularitéit ass nämlech, dass tëschent dem Datum wou d'Regierung gefrot huet, ob eist Land kënnt bei dëser Konventioun Mitglied ginn, an dem Datum vun haut, dës Konventioun vun deenen aneren Etats membres ëmgeännert ginn ass, an d'Fro wor: Kënne mer bäitrieden? Entsprecht dat nach dem Geescht a sinn déi demokratesch Regele respektéiert, jo oder neen?

De Statsrot huet e positiven Avis derzou ginn, a mir konnten an der Kommissioun nëmmen dësem Projet zoustëmmen.

Firwat triede mer dëser Organisatioun bäi? Et wär éischter d'Fro ze stellen: Firwat si mer bis haut nach net derbäi? Eng schlësseg Äntwert konnte mer an der Kommissioun net kréien, mä wann een haut déi Réseaux d'adhésion analyséiert, da gëtt et der e puer. Et ass fir d'éischt emol en Esprit de solidarité fir bei all Konventioun derbäi ze sinn, wou all déi europäesch Members-taten derbäi sinn, an et nëmmen an der Logik läit, dass mir och derbäi sinn.

Wa mer, wéi gesot, bei der éischter Konventioun derbäi sinn, wou et ëm d'Prévisions météorologiques geet, dann ass et och nëmme logesch, dass mer bei dëser Konventioun derbäi sinn, wou et ëm Satelliten fir Meteoprevisionen geet. Et ass och esou, dass EUMETSAT am Gaang ass, eng nei Generatioun vu Satelliten virzebeereeden, an et gutt ass, wa mir als Ländchen bei dëser Evolutioun derbäi sinn. Wie weess, vläicht kënne mer deen een oder aneren interessante Marché hei am Land opbauen.

Wat ass de finanziellen Impakt vun dëser Konventioun? Et ass virgesinn, dass et zwou Zorte vu Kontributiounen gëtt. Dat eent ass eng Contribution unique, déi ee bezuelt, wann een antrëtt, an déi zweet ass eng Contribution annuelle. Déi Contribution unique beleefte sech fir eist Land op 2 Milliounen Euro. D'Contribution annuelle ass 640.000 Euro fir d'Joer 2002 a gëtt berechent op der Moyenne vum PNB vun all Land vun deene leschten dräi Joer.

Dëst wor eng ganz kuerz Presentatioun vun dëser Konventioun, wou de Fonctionnement eigentlech e ganz kläreschen ass a wou e Protokoll ugeheft ass iwwert d'Immunitéit vun deenen, déi do schaffen.

No den Erklärungen an där Analys, déi mir an der Kommissioun gemaach hunn, kann ech nëmmen d'Plénière invitéieren, dëse Projet unanime ze droen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Ady Jung.

Discussion générale

M. Ady Jung (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erstaunlech beim Projet de loi 4838 ass, datt den Text vum Intitulé praktesch identesch ass mam Text vum Gesetz.

D'Madame Agny Durdu huet also als Rapporteuse missen, esouwuel an hirem schrëftleche wéi och an hirem mündleche Rapport, vill Erläuterungen ginn. Well dat hir gutt gelongen ass, wëll ech hir am Numm vun der CSV-Fraktioun félicitéieren a merci soen.

Et eriwweert sech also op all Detailler nach eemol anzegoen, sou datt ech ka prinzipiell ënnersträichen, datt Lëtzebuerg als EU-Partner sech et net erlabe kann, an esou enger Struktur net derbäi ze sinn. Et ass dofir gutt, datt mer nach am leschte Moment op de Won vun deene 17 State gespronge sinn, déi dës Konventioun niewent hiren Zousatzprotokollen ënnerschriwwen hunn.

Ouni Satelliten wieren déi prezis meteorologesch Viraussoen absolut net méiglech. Sou kënnen a ville Beräicher am Viraus Moosnamen ergraff ginn, fir wiederbedingt Onfälle ze vermeiden. Och kann duerch virbeugend Moosnamen dacks dat Schlëmmst verhënnert ginn, wa wiederbedingt Katastrophe beizäit gemellt ginn.

Datt mer dës Dëngschtleeschung, respektiv Renseignements, net zum Nulltarif kënne kréien, steet fest, an och eist Land kënnt net dru verbäi, fir säi finanzielle Beitrag ze leeschten.

Genee wéi d'Ofkommen an de Protokoll iwwert d'Privilegien an d'Entschiegungen vum "Centre européen pour les prévisions météorologiques à moyen terme", déi mer den 30. Januar 2002 hei an der Chamber gestëmmt hunn, esou huet dës Konventioun och hire Präis, dat heescht en eemolegen Droit d'entrée an den EUMETSAT vun 2 Milliounen Euro. Duerno hu mer d'Verpflichtung, eis un de Fonctionnementskäschte vum

EUMETSAT ze bedeelegen, eng Ausgab, déi, opgrond vun eisem Brutto-Nationalprodukt verrechent, sech fir d'Joer 2002 op 641.000 Euro beleeft.

Här President, ech wëll also heimat matdeelen, datt d'CSV dëst Ofkommen begreisst, an datt mir dat Gesetz stëmme wäerten.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Merci, Här President. Ech si frou, den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet ze ginn.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här John Schummer.

M. John Schummer (DP).- Här President, ech wëllt dem Rapporteur, der Mme Durdu, villmools merci soe fir deen excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. D'DP-Fraktioun wäert dee Projet selbstverständlech och stëmmen.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech bréngé selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem wichtege Projet.

M. le Président.- Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun, well mir si sécher, dass duerch dëse Satellit d'Biodiversitéit vun oft kontradiktoresche Wiederprognosen nach méi räich wäert ginn.

(Hilarité)

M. le Président.- Den Här Minister Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et war mer eng ganz grouss Freed, de Mëtteg erëm an der Chamber auszeharren an déi interessant Debatten ze suivéieren. Ech wollt, wat dëse Projet ugeet, der Mme Durdu merci soen, mech all deene Félicitatiounen u si uschlëssen an der Chamber merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet.

10. Dépôt de deux projets de loi

Ech wollt dann, Här President, vun der Geleeënheet profitéieren, fir lech matzedeelen, dass ech vum Grand-Duc autoriséiert sinn, um Datum vum 14. Abrëll, ee Projet de loi ze déposieren, deen d'Gesetz vun 1995

iwwert d'Infrastructure ferroviaire ofännert. Ech sinn duerch Arrêté vum selwechten Dag autoriséiert, fir ee Projet de loi ze déposieren iwwert de Raccordement vun eisem Land un den TGV Est.

- *Projet de loi 4942 sur le raccordement du Grand-Duché de Luxembourg au TGV Est-Européen*

- *Projet de loi 4941 modifiant la loi du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun zwee Projets de loi duerch den Här Minister Henri Grethen. Déi Projekte gi weidergeleet un de Statsrot an un déi zoustänneg Kommissioun.

11. Projet de loi 4838 concernant les satellites météorologiques EUMETSAT (Suite)

Dir Dammen an Dir Hären, domat wär och d'Diskusioun iwwert de Projet 4838 ofgeschloss a mir kéimen zur Lecture vum Article unique a géingen driwwer ofstëmmen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4838 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos